LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Stellungnam vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel zu der Petitioun n°3673 vum 12. Mee 2025 vum Petitionär Romain Reiter**

1. ***„Eng ëmfaassend Analys iwwert d'Hierkonft an d'Zesummesetzung vun den am Grand-Duché benotzten Düngerprodukter ze maachen, inklusiv dem Undeel aus Russland oder mat russeschem Ursprong (z. B. Äerdgas)."***

Eis Analyse an Zesummenaarbecht mam STATEC ergëtt follgend Hierkonft fir anorganesch Düngerprodukter, déi op Lëtzebuerg importéiert ginn. Doraus ass ze erkennen, dass keen Düngerimport aus Russland op Lëtzebuerg stattfënnt.

**Import vu mineraleschen & chemeschen Dünger op Lëtzebuerg (Coden 3102, 3103, 3104, 3105)**

| **Hierkonftsland** | **Volume an Tonnen** | | | |
|---|---|---|---|---|
| | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** |
| Däitschland | 69 207.13 | 34 596.36 | 37 238.43 | 40 867.00 |
| Belge | 56 712.82 | 44 273.56 | 29 085.82 | 30 794.92 |
| Niederlande | 22 983.26 | 32 095.49 | 34 256.31 | 24 509.98 |
| Frankräich | 2 475.96 | 4 948.27 | 7 561.78 | 17 088.85 |
| Éisträich | 9 912.37 | 12 494.12 | 11 669.89 | 7 626.61 |
| Polen | 105.11 | 1 646.86 | 5 527.14 | 2 364.28 |
| Ungarn | 23.32 | 0.00 | 0.00 | 1 181.18 |
| Spuenien | 7.33 | 0.68 | 0.02 | 184.93 |
| Italien | 27.76 | 96.70 | 67.52 | 62.95 |
| Slowenien | 0.00 | 0.00 | 14.58 | 29.14 |
| Tierkei | 0.00 | 0.00 | 55.38 | 22.46 |
| Dänemark | 0.04 | 0.04 | 0.06 | 1.03 |
| Schwäiz | 7.28 | 4.68 | 1.19 | 0.15 |
| Tschechien | 7.59 | 0.21 | 0.03 | 0.02 |
| Vereenegt Kinnekräich (ausser Nordirland) | 22.98 | 0.60 | 0.51 | 0.01 |
| Kanada | 2.46 | 0.00 | 0.00 | 0.00 |
| China | 0.00 | 0.00 | 138.00 | 0.00 |
| Zypern | 47.74 | 270.60 | 0.00 | 0.00 |
| Vereenegt Staaten | 12.15 | 23.04 | 0.00 | 0.00 |
| Hong Kong | 0.00 | 0.00 | 230.59 | 0.00 |
| Indien | 0.00 | 0.02 | 0.00 | 0.00 |
| Japan | 0.00 | 0.10 | 0.00 | 0.00 |
| Schweden | 0.63 | 0.89 | 0.39 | 0.00 |
| **Total** | **161 555.93** | **130 452.22** | **125 847.65** | **124 733.51** |

Mir importéieren déi meescht Quantitéiten aus eisen Nopeschlänner: Däitschland (33 %), Belge (25 %), Holland (20 %), Frankräich (14 %) an Éisträich (6 %).

Op a gegeebenefalls wéi vill Dünger dovu russeschen Ursprong huet, gëtt néirens festgehalen.

2. ***„D'Import vun Dünger aus Russland an d'EU an op Lëtzebuerg z'ënnerbannen.***

D'Reglementéierung vum Import vun Dünger an d'EU an domat och op Lëtzebuerg ass eng reng EU-Kompetenz. Lëtzebuerg kann deemno keen direkte Verbuet aféieren.

3. ***„Falls en direkte Verbuet net méiglech ass, entspriechend Stroftaxen oder Importzëllen anzeféieren, fir de Kaf vu russeschem Dünger net méi wirtschaftlech rentabel ze maachen."***

Op EU-Niveau ass dat neit Reglement "Verordnung (EU) 2025/1227 des Europäischen Parlaments und des Rates vom 17. Juni 2025 zur Änderung von Zöllen auf die Einfuhren bestimmter Waren, die ihren Ursprung in der Russischen Föderation und der Republik Belarus haben bzw. von dort ausgeführt werden" gestëmmt ginn, an et trëtt den 20. Juli 2025 a Kraaft.

Dëst Reglement gesäit zousätzlech Importzëller op Dünger vir mat follgende Modalitéiten: Zousätzlech zu der bis elo gëlteger Tax vu 6,5 % gëtt ab dem 1. Juli 2025 eng weider Tax appliz éiert, déi iwwer dräi Joer progressiv erhéicht gëtt, bis de maximale Montant erreecht ass.

D'Applikatioun vun dëser Tax gesäit follgendermoossen aus:

**a) Wueren, déi ënner dem CN-Code 3102 klasséiert sinn:**

(i) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 40 EUR/Tonn vum 1. Juli 2025 bis den 30. Juni 2026,

ii) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 60 EUR/Tonn vum 1. Juli 2026 bis den 30. Juni 2027,

(iii) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 80 EUR/Tonn vum 1. Juli 2027 bis den 30. Juni 2028,

(iv) Zoll op der Valeur vu 6.5% + 315 EUR/Tonn vum 1. un. Juli 2028.

**b) Wueren, déi ënner den CN-Coden 3105 20, 3105 30, 3105 40, 3105 51, 3105 59 an 3105 90 klasséiert sinn:**

i) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 45 EUR/Tonn vum 1. Juli 2025 bis den 30. Juni 2026,

(ii) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 70 EUR/Tonne vum 1. Juli 2026 bis den 30. Juni 2027,

iii) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 95 EUR/Tonn vum 1. Juli 2027 bis den 30. Juni 2028,

(iv) Zoll op der Valeur vu 6,5% + 430 EUR/Tonn vum 1. Juli 2028 un.

Zousätzlech ass och virgesinn, datt – wann eng bestëmmte Quantitéit erreecht gëtt – direkt déi méi héich, limitéierend Tax appliz éiert gëtt, also déi, déi eigentlech eréischt no dräi Joer virgesinn ass (315–430 €/Tonn).

a) 2,7 Milliounen Tonne vum 1. Juli 2025 bis den 30. Juni 2026,

b) 1,8 Milliounen Tonne vum 1. Juli 2026 bis den 30. Juni 2027,

c) 0,9 Milliounen Tonne vum 1. Juli 2027 bis den 30. Juni 2028.

Fir Info:

**Auszuch aus dem Reglement**

(2) Waren, die unter die in Anhang II aufgeführten KN-Codes eingereiht sind, in die Union eingeführt werden und ihren Ursprung in der Russischen Föderation oder der Republik Belarus haben bzw. direkt oder indirekt von dort ausgeführt werden, unterliegen folgenden Einfuhrzöllen:

a) Unter dem KN-Code 3102 eingereihte Waren:

i) Wertzoll von 6,5 % + 40 EUR/Tonne vom 1. Juli 2025 bis zum 30. Juni 2026,

ii) Wertzoll von 6,5 % + 60 EUR/Tonne vom 1. Juli 2026 bis zum 30. Juni 2027,

iii) Wertzoll von 6,5 % + 80 EUR/Tonne vom 1. Juli 2027 bis zum 30. Juni 2028,

iv) Wertzoll von 6,5 % + 315 EUR/Tonne ab dem 1. Juli 2028.

b) Unter den KN-Codes 3105 20, 3105 30, 3105 40, 3105 51, 3105 59 und 3105 90 eingereihte Waren:

i) Wertzoll von 6,5 % + 45 EUR/Tonne vom 1. Juli 2025 bis zum 30. Juni 2026,

ii) Wertzoll von 6,5 % + 70 EUR/Tonne vom 1. Juli 2026 bis zum 30. Juni 2027,

iii) Wertzoll von 6,5 % + 95 EUR/Tonne vom 1. Juli 2027 bis zum 30. Juni 2028,

iv) Wertzoll von 6,5 % + 430 EUR/Tonne ab dem 1. Juli 2028.

(3) Ungeachtet des Absatzes 2 erhebt die Kommission innerhalb von 21 Tagen einen Zoll in der unter Buchstabe a Ziffer iv bzw. Buchstabe b Ziffer iv des genannten Absatzes festgelegten Höhe auf die verbleibenden Einfuhren dieser Waren in dem betreffenden Zeitraum, wenn die Gesamtmenge der Einfuhren der unter Buchstaben a und b des genannten Absatzes aufgeführten Waren die folgenden Schwellenwerte erreicht:

a) 2,7 Mio. Tonnen vom 1. Juli 2025 bis zum 30. Juni 2026,

b) 1,8 Mio. Tonnen vom 1. Juli 2026 bis zum 30. Juni 2027,

c) 0,9 Mio. Tonnen vom 1. Juli 2027 bis zum 30. Juni 2028.

Lëtzebuerg, den 11. August 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Martine HANSEN